
Feier ! Feier !

Sketch
A6-41

# FEI'ER! FEI'ER!

(löstige Sketch iwert Pompje'en)

Perso'nen : de Kommandant: eng Joffer
Jemp
Klôs
Nèkel — Pompje'en
Michi
Pir
dem Pir seng Fra
2 Bouwen

Dekor a Kostümer können no jidderengem sengem Goût gewielt gin.

(D'Pompje'en sen am gang an d'Schleich ze kucken a blosen dran.)

Jemp :Awer och just virun 27 Jar guff de letzte Member an eis Equipe opgeholl.

Klôs :..an dat war och di letzte Kier wi mer engt Feier haten.

Jemp :Dat war awer och well mer de Pir als Member opgeholl haten, dat hèn dat Feier ugefangen hat.

Klôs : Ah! et könnt bestömmt nach eng Kier den Dag, wu mer d'Gleck hun, dat d'ganzt Duerf brennt. Mir sen hei dat enzigt Duerf weit a brèt, dat eng Feierstation huet, a mir sen di enzig am Land, de' vun enger Joffer gelèt gin.

(D'Joffer könnt ran)

Nèkel :Psst! Do ass se. Brigade, garde-à-vous! Fix!

Joffer:N'Owend Jungen.

All :N'Owend Joffer.

Joffer:Neischt Neies?

Nèkel :Mir hun all Bouf aus dem Duerf 3 Fixfeiersköstèn ginn ma bis lo ass nach neicht geschitt.

Joffer:Ech kann di Bouwen vun hett net mi verstoen. Lo warde mer well all Mettwoch zönter 27 Jar op engt Feier.

Michi :Alles kumm, awer kengt Feier.

Nèkel :Wann ich gelifft Joffer, wat mache mer den Owend?

JoffeR:Fir d'ischt den Drill. Dir gitt lo an den Haff, dann übt der do vum Daach rof an Duch ze Sprangen.
Iwrigens, huet jidderèn seng Aufgab gemach fir hett?

All : Jo. (de Michi héwt d'Aufgaben op)

Joffer:An der Rei. Gitt lo an den Haff vum Daach an Duch sprangen; ech verbesseren an dèr Zeit èr Aufgaben. Wen di best Aufgab gemach huet krett engt Steck Scokela.

Nèkel :Brigade! A droite, droite! Marche. (d'Pompjeen gi fort)

Jofferr (lest d'Aufgaben hart vir)
"Hunn ganz Familjen 3 mol an der nuecht erwècht. Ech hu gebröllt 'Feier! Feier!' Di 1. Kier war d'Haus an 2 Minuten eddel. Fir d'2. Kier an $2\frac{1}{2}$ Minuten, fir d'3. Kier huet ké mi bougi'ert!"
Lei ass eng aner Aufgab:
"Ech hat de letzte Mendig grusse Pompjésdrill mat menger Fra a mat menger Schwiermamm. Ech hun se matten an der Nuecht erwècht a 'Feier' gebröllt. Ech hun se dunn vun enger Fönster aus an de Kulang geworf an hun se do rofklamme gedon. Di 2. Kier hun ich se op de selwichten Kulang geworf. Fir d'3. Kier hun si mech aus der Fenster geworf, awer net op de Kulang."

(Si kommen all ragelaf, bis op de Michi)

Klôs :Mir wollten vum Daach rofsprangen ma mir hun Duch net fonnt.

Joffer:(ziehlt se) Ma wu ass dann de Michi?

Klôs :Hèn ass hèm gangen.

Joffer:Oni meng Erlabniss!

Klôs :Jo. Hen ass vum Daach gesprungen a mir haten Duch nach net fonnt.

Joffer:Dat do blessiert mech.

Klôs :..hèn och! Joffer, dem Pir seng Fra wöllt mat èch schwètzen. Si sèt hire Mann wir ze âl fir heihinner ze kommen.

Joffer: Scheckt se ran.
(De Klôs geht raus;di aner hannendrun;dem Pir seng Fra könnt ran)
d'Fra :Wofir soll mei Pir nach heihinner kommen,mir haten jo schon 26 Jar kengt Feier mi?
Joffer: 27 Jar wann der et musst wessen.
d'Fra :Mengt Der mei Pir misst nach eng Kier 27 Jar warden?
Joffer:Ech mengen su âl get e guer net.
d!Fra :Mei Pir geht mat mir hèm,a könnt nömmi rem.
Joffer:He geht net bis des Praxis riwer ass.
d'Fra :Ech hun och nach bösse Praxis.Ech weisen èch mol wat ech gelíert hun. (d'Fra débelt d'Aerem rop.)
Joffer:Brigade!Höllef!Un d'Waffen!Schützt mich!
(si kommen all ragelaaf) (et könnt e Bouf ragelaaf)
Bouf 1:Joffer!Et ass engt Feier ausgebrach.
Joffer: Engt Feier! (d'Joffer fällt schwach)
d'Fra :Ech gin d'Sprötz sichen.
Nèkel :Dir net ,well dir huet keng Uniform un.
Joffer: (könnt rem zou sich) Wu sen ech?
Klôs :Sier Joffer!Et ass engt deckt Feier.
Joffer:Engt Feier! (sie fällt schwach)
d'Fra :Sie mecht dat mat 27 Jar Training.Iwerhapt,wu ass dat Feier?
Bouf 1:Et ass èrt Haus. (d'Fra fällt schwach)
Klôs :A si mecht dat oni Training.
Joffer: (könnt zou sich) Wu sen ich.Et ass mer ganz warem.
Jemp :Dir gitt geschwönn nach mi warem,well mir gi lo bei engt Feier.
Joffer:Endlich engt Feier.Wu ass et?
Klôs :Op der Westseit vum Duerf.
(et könnt en aneren Bouf ragelaaf)
Bouf 2:Joffer!:Engt Feier!
Joffer:Jo mir wössen et!
Bouf 2:Et ass engt anert Feier op der Ostseit vum Duerf.
Joffer:2 Feieren! Jungen,weist lo wat der während 27 Jar trainiert hun.(Si fahlen all schwach a kommen lues a lues zou sich)
Joffer:Brigade!Fix! (Si rafen d'Schleich an d'Sprötz op)A droi te.
Nèkel :Wuer gi mer?Et se jo 2 Feieren.Dat engt op der Westseit,dat anert op der Ostseit.
Joffer:Jungen!Dir gitt lo mat mir opt Ostseit.An du Klôs,du kucks dass de vill Holz fönns an dann hälls dat Feier op der Westseit su lang un bis mir kommen.

Bemirkungen: Als Schlauch kann en e Gardeschlauch huelen,als Sprötz eng gruss Gardesprötz.
Dat ganzt soll als Witz opgeholl sen an och d'Verklèdung sol su ausfâlen.